1-2018-0-1-5357-01 (n°2937)

Depôt: Fernand Kartheiser

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 24. Abrëll 2019

Débat projets de loi N°7450 et N°7451 ainsi que sur le PSC et le PNA

11

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten

notéiert:

- datt d'Regierung decidéiert huet, fir Subventioune fir d'Electromobilitéit ze bezuelen;

sech bewosst,

- datt d'Elektromobilitéit mat Batterië fonctionnéiert, déi rar Materialien an Elementer enthalen, wéi z.B. Kobalt a Lithium;

déif besuergt doriwwer,

- datt den Ofbau vu Mineralien, déi Kobalt a Lithium enthalen, grouss mënschlech an ekologesch Problemer mat sech brengt:
- datt z.B. den Ofbau vu Lithium am Chili grouss Emweltschied veruersaacht an duerch den héige Verbrauch vum Grondwaasser zu der Verdréchnung vun dene betraffene Regioune bäidreet an de lokale Baueren hir Liewesgrondlag entzitt ;
- datt e substantiellen Deel vum Kobalt aus klénge an dacks ongesécherte Minnen am Kongo staamt, an deenen ënner dacks menschenonwierdege Konditioune muss geschafft ginn;
- datt besonnesch och am Kongo dacks Kanneraarbecht bei der Extraktioun vu kobalthaltege Mineralie benotzt gëtt;

Erënnert drunn,

- datt d'Regierung an hirem Koalitiounsaccord besonnesch op déi sozial Verantwortung vun den Entreprisen agaangen ass:

*« Le Luxembourg soutiendra des initiatives européennes pour renforcer la responsabilité sociale et environnementale des entreprises transnationales dans la gestion de leurs chaînes d'approvisionnement et s'engagera au niveau européen pour une législation contraignante et effective. Dans ce contexte, la possibilité de légiférer*

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

*sur le devoir de diligence pour les entreprises domiciliées au Luxembourg sera étudiée, dans la mesure où ce dernier permettra de* ***garantir le respect des droits humains et de l'environnement tout au long de leur chaîne de valeur et représenterait une mesure complémentaire au Plan d'action national sur les entreprises et les droits humains qui souligne l'importance de la diligence raisonnable pour prévenir des violations des droits humains et des dommages environnementaux engendrés par les activités des entreprises.*** » (Accord de coalition, S. 218 ; Ervirhiewung am Text duerch den Auteur vun der Motioun)

fuerdert d'Regierung op:

- beim Respekt vun de Mënscherechter an dem Schutz vun der natierlecher Ëmwelt mam gudde Beispill vir ze goen;
- d'Subventiounen fir d'Elektromobilitéit ze stoppen, bis d'Fournisseure vun der Automobilindustrie beweise kënnen, datt déi Elementer, déi besonnesch an der Batterieproduktioun benotzt ginn, ënnert ethesch an ekologesch akzeptable Bedingunge extrahéiert ginn.

Fernand Kartheiser

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg